

No dem He aß net ze lappen.  
 D'Arbecht kömmt dir voll an deck.  
 Flues a Fimmel sin ze rappen,  
 an ze re'hren d'Broochesteck.

Le'ßt nun d'Fruucht hir E'gen hänken  
 un den Hällem, giel an dir,  
 dann den Hittche kanns du schwenken,  
 well de Karschnatz klappt un d'Dir.

Nun erous den Haans a Mechel<sup>6</sup>,  
 an dir Fralett all an d'Reih!  
 mat der Flaus a mat der Sechel,  
 an du, Meeschter, vir derbei!

Wi d'Gewane rondöm blenken!  
 Wat e Räichtum wäit a bret!  
 Wellecht Liddchen aß z'erdenken  
 fir de Bauer an der Fred?

Do gesäihs du jo ganz kloer:  
 Sche'n zu Kärcher aß geschmollt  
 all däi Schweiß vum ganze Joher,  
 an de' Kärcher de' si Gold!

Looß mech dach si Gold net nennen!  
 Looß mech s'iwer d'Gold erhiewen:  
 Wat ee kritt ous Gottes Hännen,  
 dat aß Gleck, 't aß Fred a Liewen.

## XI.

### D'Kirmes. D'Frede vum Bauer.

Sin nu d'Garwen agescheiert,  
 wann am Faaß de Greeche schaimt,  
 fro'h get d'Kirmes da gefeiert<sup>1</sup>,  
 a gesonge, wat sech reimt.